Mäi Scoutskachbuch

Elo gläich kënnt d'Päischtvakanz, eng Zäit an där eis Avex a Carapio dacks op de Päischtcamp gefuer sinn. Dëst Joer falen all d'Campe leider aus. Dofir kënne mer dëst Joer och net zesummen um Camp kachen a brachen.

Mir hunn eis dofir geduecht, datt et vläit eng flott Aktivitéit wier, wann der doheem géift d'Rezepter vun äre Liblingsiessen opschreiwen a se sammelen, fir domat e klengt Scoutskachbuch zesummenzestellen fir mat op den nächste Camp ze huelen, datt mer do zesummen een vun denge Liblingsplate kënnen nokachen oder nobaken. Dat kënne kal Plate sinn, warm Platen oder och Desserten. All Rezepter si wëllkomm. Wanns de eng Foto vun dengem Liblingsiessen hues, da setz déi roueg bei däi Rezept.

Du kanns eis awer och schonn deng Rezepter elo op ba@wormer-scouten.lu schécken an da stelle mir herno e grousst Scoutskachbuch vum ganze Scoutsgrupp zesummen an deem dann all d'Liblingsrezepter vun eis op enger Plaz ze fanne sinn.

Mir freeën eis elo schonn op är Rezepter a wënschen iech vill Freed beim Kachen an e gudden Appetit!